piraten.lu

N°3721
Entrée le 04.03.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 04.03.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/03/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

An engem WORT-Artikel vum 9te Februar 2026 gëtt de Fall vun enger Famill geschëldert, déi aus eegener Kraaft e Kand betreit an dat dauerhaft op Hëllef ugewise ass. Fir iwwerhaapt Leeschtungen aus der Assurance Dépendance ze kréien, mussen d'Elteren all Joer erëm nei noweisen, datt hiert Kand nach ëmmer krank ass, obwuel et sech ëm eng irreversibel a permanent medezinesch Situatioun handelt. Dës Prozedur gëtt vun de Betraffenen als psychesch a bürokratesch extrem belaaschtend empfonnt. Et gëtt och verwisen op ee rezente Fall an Australien, wou tragescherweis eng Famill sech d'Liewe geholl huet, déi an enger ähnlecher Extreemsituatioun war.

D'Famill freet am Artikel konkret d'Hëllef vun der Gesondheetsministesch. Zitat aus dem Artikel:

*„Ich möchte sie herausfordern", sagt sie daher auch, und meint damit die Gesundheitsministerin Martine Deprez. „Sie soll uns besuchen, sich unsere Situation ansehen und erklären, warum sie denkt, dass diese Hilfe für uns ausreichend ist."*

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Huet d'Gesondheetsministesch mat hirem Ministère op den Hëllefruff vun der Famill reagéiert?
   Falls jo, wéi?
   Falls nee, wäert d'Ministesch reagéieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés